**From:** Ecole Privée Fieldgen <newsletter@epf.lu>
**Sent:** 11 December 2025 08:24
**Subject:** Newsletter 3 / 2025-26



Ecole Privée Fieldgen

Newsletter aux parents

# NEWSLETTER - 3 / 2025-26




- **samedi 13.12.2025 :** de 11h à 17h - Chrëschtbasar
- **vendredi 19.12.2025 :** classes libres - début des vacances de Noël

---

- **Samschdes 13.12.2025 :** vun 11h bis 17h - Chrëschtbasar
- **Freides 19.12.2025 :** fräi - Ufank vun der Chrëschtvakanz

## Sanctions en cas de confiscations répétées du téléphone portable

Nous souhaitons vous informer des dispositions prévues par notre règlement interne concernant les sanctions applicables en cas de confiscations répétées du téléphone portable d’un élève.

**Troisième confiscation**



Lorsque le téléphone est confisqué pour la troisième fois, seuls les parents peuvent venir le récupérer.
La récupération du téléphone est possible du lundi au vendredi, entre 15h30 et 16h00, uniquement auprès d'un membre de la Direction, après nous avoir prévenu à l'avance.
Veuillez noter que la récupération du téléphone n'est pas possible le jour de la confiscation, mais au plus tôt le lendemain.

**Quatrième confiscation**
En cas de quatrième confiscation du téléphone, nous le gardons au moins deux jours et les parents peuvent prendre rendez-vous auprès de l'équipe MOSA de l'école, qui s'occupe des élèves avec des comportements inappropriés (rene.kramer@epf.lu).
De plus, votre enfant sera puni par une retenue et devra remettre son téléphone pendant 3 semaines au secrétariat pendant les horaires des cours.

**Cinquième confiscation**
En cas de cinquième confiscation du téléphone, nous le gardons au moins une semaine et les parents peuvent prendre rendez-vous auprès de l'équipe MOSA de l'école (rene.kramer@epf.lu).
Votre enfant devra remettre son téléphone pendant 6 semaines au secrétariat pendant les horaires des cours.
En plus de cela, votre enfant recevra une lettre d'avertissement et sera obligé de prendre un rendez-vous au SePAS. D'autres mesures seront également prises, telles qu'une exclusion, un conseil disciplinaire…
Lors de la discussion avec des membres de l'équipe MOSA, ils vous mettront également au courant des sanctions plus lourdes, au cas où votre enfant continuerait à ne pas respecter la réglementation sur l'utilisation du portable à l'école.

Mir wëllen Iech iwwer eist internt Reglement informéieren, bezüglech de Moossnamen, wann den Handy vun engem Schüler méi, wéi 2 mol konfiszéiert gëtt.

**Drëtt Konfiskatioun**

Wann den Handy fir déi drëtte Kéier konfiszéiert gëtt, kënnen nëmmen d'Elteren den Handy siche kommen.
Dëst ass méiglech vu Méindes bis Freides, tëscht 15:30 a 16:00 Auer, ausschliisslech bei engem Member vun der Direktioun. D'Elteren mussen eis am Viraus informéieren, wéini si wëlle laanscht kommen (secretariat@epf.lu).
Den Handy ka net um Dag vun der Konfiskatioun ofgeholl ginn, mee eréischt den nächsten Dag.

**Véiert Konfiskatioun**

Bei enger véierter Konfiskatioun hale mir den Handy op d'mannst zwee Deeg zeréck, an d'Eltere kënnen e Rendez-Vous bei der MOSA-Ekipp vun der Schoul froen, déi sech ëm Schüler mat Verhalensproblemer këmmert (rene.kramer@epf.lu).
Ausserdeem kritt Äert Kand eng Retenue a muss säin Handy wärend 3 Wochen an de Schoulstonnen am Sekretariat ofginn.

**Fënneft Konfiskatioun**

Bei enger fënnefter Konfiskatioun hale mir den Handy op d'mannst eng Woch zeréck, an d'Eltere kënnen e Rendez-Vous bei der MOSA-Ekipp vun der Schoul huelen (rene.kramer@epf.lu).
Äert Kand muss säin Handy wärend 6 Wochen an de Schoulstonnen am Sekretariat ofginn.
Zousätzlech kritt Äert Kand ee Warnbréif a muss ee Rendez-Vous beim SePAS huelen. Aner Moossname kënnen och ergraff ginn, wéi z. B. eng Exklusioun, ee Conseil de discipline…
D'Membere vun der MOSA-Ekipp informéieren Iech iwwer nach méi streng Sanktiounen, falls Äert Kand weider géif géint d'Handy-Regelen verstoussen.

**Chrëschtbasar**




Nous vous invitons cordialement à notre **Chrëschtbasar** qui aura lieu le **samedi 13 décembre 2025 de 11h00 à 17h00.**
Cette année les bénéfices seront versés à :

- l'ONG Valetot
  projet soutenu : Construction de l'école secondaire Mashahidi à Kisangani (République Démocratique du Congo)
- l'ONG Aide à l'Enfance de l'Inde et du Népal
  projet soutenu : Amélioration de l'éducation, de la nutrition et de l'environnement des enfants de Kendujhar (Inde)

Notre Chrëschtbasar est placé sous le signe du développement durable. C'est pourquoi nous accordons une importance particulière aux critères suivants :

- nous renonçons volontairement à la vaisselle jetable et réduisons l'usage des emballages au strict minimum ;
- les plats et boissons servis dans notre *Restaurant Scolaire* sont en grande partie locaux ou régionaux, sinon biologiques ou issus du commerce équitable ;
- nous réduisons nos déchets au maximum en triant et en recyclant.

N'oubliez pas non plus d'emporter votre panier à provisions, au cas où vous trouveriez un joli cadeau à l'un de nos nombreux stands.

Nous nous réjouissons de votre visite.

**ACCÈS :** Nous ne proposons pas de places de parking.

- train et bus : arrêt Luxembourg-Gare
- tram : arrêt Place de Paris

---

Mir invitéieren iech ganz häerzlech op eise **Chrëschtbasar**, **Samschdes, den 13. Dezember 2025 vun 11 bis 17 Auer.**
Dëst Joer geet den Erléis :

- un d'ONG Vatelot :
  fir de Projet : Bau vun der Schoul Mashahidi zu Kisangani (République Démocratique du Congo)
- un d'ONG Aide à l'Enfance de l'Inde et du Népal
  fir de projet : Verbesserung vun der Erzéiung, der Ernährung an dem Ëmfeld vun de Kanner zu Kendujhar (Indien)

De Chrëschtbasar steet ganz am Zeeche vun der Nohaltegkeet.
Duerfir leeë mir op follgend Krittäre besonnesch vill Wäert:

- mir verzichte bewosst op Eeweegeschier a reduzéieren de Gebrauch vu Verpackungen op e strikte Minimum;
- eist Iessen an eist Gedrénks am Restaurant Scolaire si gréisstendeels lokal/regional, anerefalls bio, respektiv fair gehandelt;
- mir reduzéieren eise Reschtoffall op e Maximum andeems mir trennen a recycléieren.

Vergiesst och ären Akafskuerf net, fir wann Dir e flotte Kaddo bei engem vun eise sëllege Stänn entdeckt.
Mir freeën eis op äre Besuch.

**ACCÈS :** Mir bidde keng Parkméiglechkeeten un.

- Zuch a Bus : Arrêt Luxembourg-Gare
- Tram : Arrêt Place de Paris

---

## Trait d'Union 180

Le prochain Trait d'Union sera distribué aux élèves dans la semaine du 15 décembre 2025.

---

De nächsten trait d'Union gëtt an der Woch vum 15. Dezember un d'Schüler ausgedeelt.




*Ecole Privée Fieldgen*
*21 rue d'Anvers*
*L-1130 Luxembourg*

**www.epf.lu**

This email was sent to andree.schaus@epf.lu
*why did I get this?* unsubscribe from this list update subscription preferences
AGEDOC asbl. · 21 Rue D'Anvers · Luxembourg L-1130 · Luxembourg